PIUS VERBAND

UNION SAINT PIE X

CANTICUM NOVUM

BULLETIN DE LIAISON

UNION SAINT-PIE X – PIUSVERBAND ASBL

2/2024

www.piusverband.lu

COMITE CENTRAL
DE L'UNION SAINT-PIE X
(2023-2027)

PRESIDENT

BOEVER MARC
L-9748 ESELBORN • 11, MECHERWEE
TÉL.: 691 842 043 - PRESIDENT@PIUSVERBAND.LU

VICE-PRESIDENTE

MAYER MARIE-SUZETTE
L-8821 KOETSCHETTE • 9, RUE DE MARTELANGE
TÉL.: 621 135 537 - MAYERSUSI@PT.LU

SECRETAIRE GENERALE

JUNG-JUNGBLUT LYDIE
L-4499 LIMPACH • 19, RUE DE RECKANGE
TÉL.: 37 87 73 - LYDIE.JUNG@VO.LU

TRESORIER GENERAL

MULLER ROBY
L-5312 CONTERN • 8, AN DE LEESSEN
TÉL.: 26 70 17 79 - ROBYMULLER@PT.LU

CONSEILLER ECCLESIASTIQUE

BACHE CLAUDE
L-6730 GREVENMACHER • 2, RUE DE LUXEMBOURG
TÉL.: 75 00 94 - CLAUDE.BACHE@EDUCATION.LU

REDACTEUR DU CANTICUM NOVUM

WILLKOMM LAURENT
L-1335 LUXEMBOURG • 3, RUE J.-G. DE CICIGNON
TÉL.: 48 13 22 - CANTICUM@PIUSVERBAND.LU

MEMBRES

BECKIUS-GIRA JEANNY
L-5434 NIEDERDONVEN • 7, RUE DE LA MOSELLE
TÉL.: 76 80 63 - BECKIUSN@PT.LU

DE ROND PATRICK
L-1482 LUXEMBOURG • 13, RUE CHARLOTTE ENGELS
TÉL.: 661 55 94 89 - PATRICK.DEROND@PIUSVERBAND.LU

JEMMING PATRICK
L-4394 PONTPIERRE • 26, RUE DES FORGES
TÉL.: 691 169 775 - PJEMMING@LIVE.FR

REITZ JEAN-PAUL
L-9972 LIELER • 68, HAUPTSTROOSS
TÉL.: 621 314 309 - JPREITZ@PT.LU

SCHMIT MARCO
L-5353 OETRANGE • 4, RUE DE BOUS
TÉL.: 621 153 437 - MAR.MIT@GMX.NET

WANTZ JEANNOT
L-9168 MERTZIG • 9, UM LUUCHTEBIERG
TÉL.: 621 212 327 - WANTZJPL@PT.LU

UNION SAINT-PIE X - PIUSVERBAND ASBL

Fédération Nationale des Chorales d'Eglise de l'Archidiocèse de Luxembourg

Association sans but lucratif • Association reconnue d'utilité publique • R.C.S. Luxembourg F1064

L-8009 Strassen • 3, route d'Arlon

Téléphone: 26 20 18 99
Fax: 26 20 18 98
Secrétariat: secretariat@piusverband.lu
Centre de documentation: documentation@piusverband.lu

Sites internet: www.piusverband.lu - www.chorales.lu - www.orgues.lu

Heures d'ouverture:
Secrétariat et Centre de documentation:
lundi à vendredi de 7h30 à 12h30

Relations bancaires:
CCPL: IBAN LU97 1111 0404 8637 0000

Les dons versés à l'USPX en sa qualité d'association reconnue d'utilité publique sont déductibles à titre de dépenses spéciales. L'USPX fera parvenir aux donateurs un certificat de don pouvant être joint à la déclaration d'impôt.

L'Union Saint-Pie X bénéficie du soutien financier du Ministère de la Culture.

CANTICUM NOVUM

Bulletin trimestriel de l'Union Saint-Pie X

Imprimerie EXEPRO S.A., Troisvierges
Tirage: 1700 exemplaires
Le bulletin est distribué gratuitement aux sociétaires des chorales de l'Archidiocèse de Luxembourg affiliées à l'Union Saint-Pie X.
Abonnement pour les non-membres: 7 € par an
Les articles signés reflètent l'opinion de l'auteur.
L'Union Saint-Pie X n'y est nullement engagée.

Sommaire

Te Deum Laudamus 3

Annoncen 4

Cantemus Domino 5

Houfreg op d'Vergaangenheet a mat Zouversiicht an d'Zukunft 8

Ils ont rejoint les chœurs célestes 12

...fir ze déngen! 13

Hiert sinn: e „Full-time-Job" 14

Von Gott gemacht 17

175 Jahre im Dienste des Chorgesangs und der Musik. 20

Mobilité mandibulaire A1 – tièrces ambulates 21

Praktesch Hëllef beim liturgeschen Uergelspill 22

Rome 2025 - Année Sainte 23

Couverture:
Spilldësch vun der Uergel am Stadgronn
Foto: L. Willkomm

„Te Deum Laudamus“
„ O du do uewen, deem séng Hand…
„Dich Gott loben wir“
Looss viru blénken d’Fräiheetssonn“

Der Jahreslauf wird gesäumt von vielen verschiedenen Festen, und ganz aktuell und auch traditionell steht nun der Nationalfeiertag ins Haus. Dieser Festtag wurde 1919 mit der Thronbesteigung der Großherzogin Charlotte eingeführt, im Jahre 1947 zum offiziellen Feiertag erklärt und seit 1961 am 23. Juni landesweit als Geburtstag unseres Großherzogs gefeiert. Anlässlich der Festlichkeiten mischt sich der Jubel der Bevölkerung mit traditionellem Brauchtum am Vorabend und am Nationalfeiertag selbst. Diese fest im Geist der Luxemburger und aller unserer Mitbürger verankerten Feierlichkeiten sind der perfekte Anlass, sich am Fackelzug und am großen Feuerwerk am Vorabend des Festtages zu beteiligen. Der Feiertag selbst beginnt mit einem offiziellen Festakt, wo auch Ehrenabzeichen an verdienstvolle Mitbürgerinnen und Mitbürger verliehen werden.

Der Nationalfeiertag hat keinen rein religiösen Ursprung, und doch darf in der „Cathédrale Notre-Dame de Luxembourg“ oder am Vorabend über Land das „Te Deum“, der Lobgesang an Gott nicht fehlen. In vielen größeren Gemeinden finden einzelne Kirchenchöre sich zu einem großen Chor zusammen, um das „Te Deum“ feierlich erklingen zu lassen. Es ist lobenswert, dass über Stadt und Land dieser Lobgesang den gebührenden Rahmen für den Ablauf der Feierlichkeiten stellt. In kleineren Dorfgemeinschaften könnten die Kirchenchöre mit den Verantwortlichen der Gottesdienste beispielsweise am Wochenende das „Te Deum“ zum Ende der Sonntagsmesse singen und so die Wichtigkeit des Nationalfeiertags bis in den letzten Winkel des Landes tragen. Ein weiteres wichtiges Element unseres Nationalfeiertags stellt die Nationalhymne „Ons Heemecht,“ komponiert von J.A.Zinnen, dar. Laut Gesetz vom 27.Juli 1993 sind die erste und die vierte Strophe der „Heemecht“ als Nationallied anerkannt. Sie ist einzigartig und ein integraler Bestandteil des Bewusstseins und der Dankbarkeit für Werte, die unser Leben so lebenswert machen. In



Eng eeler Versioun vum Te Deum aus engem Choralbuch, dat 1860 bei Heintze zu Lëtzebuerg gedréckt gouf.

der 4. Strophe heißt es: „O du do uewen, deem seng Hand duerch d’Welt d’Natioune leet.“ Dies ist die Hand, die uns trägt, beschützt und auffängt, vor allem in unruhigen Zeiten. Hier werden wir an den Zusammenhalt sowie an die gemeinsamen Werte erinnert und dazu aufgefordert, uns jeden Tag für Frieden und Freiheit einzusetzen, dies unter dem Motto „Looss viru blénken d’Fräiheetssonn“.

Ich gehöre zur Nachkriegsgeneration, und der Nationalfeiertag ist für mich persönlich ein wichtiger Tag, ich bin dankbar, bis zum heutigen Tag in Frieden und Freiheit leben zu dürfen. An diesem Feiertag sind es Sängerinnen und Sänger, Musikantinnen und Musikanten, die den musikalischen Brü-

ckenschlag vollziehen zwischen der Botschaft des Nationalfeiertags und allen Mitbürgern in unserem Land. Mit unserem Singen und Musizieren berühren sie die Bewohner unseres Landes, egal welcher Nationalität und Herkunft. Musik verbindet, und das fühlen wir zusammen mit allen Beteiligten ganz besonders beim Singen des „Te Deum“ und der „Heemecht“. Ein kurzes Innehalten beim Gesang von „Te Deum“ und Nationalhymne erlaubt es, besonders das Zusammengehörigkeitsgefühl zu stärken und die besungenen Werte wie Freiheit, Frieden, Selbstbestimmung und Unabhängigkeit bewusst zu erhalten. Voller Dankbarkeit nehmen wir zur Kenntnis, dass wir ein friedliches Zusammenleben mit unseren Nachbarländern in einem vereinten Europa in Frieden und Freiheit genießen dürfen.

Sicherlich wird dieser freie Tag auch für Einkaufstouren in Nachbarländer sowie für Familienausflüge genutzt. Auch diese eher profanen Aktivitäten sind wichtig, legitim und gehören zu unserer Freiheit. Wie erwähnt leben wir in einer eher unruhigen Zeit, wo uns tagtäglich vor Augen geführt wird, dass die oben erwähnten Werte keine Selbstläufer sind. Dies ist Grund genug, sich aus Dankbarkeit an den Festlichkeiten zu beteiligen, zusammen zu feiern und sich gemeinsam mit allen Menschen, die guten Willens sind, für den Erhalt dieser Werte einzusetzen.

Liebe Sängerinnen und Sänger, ich möchte Sie bitten, sich überaus zahlreich an den Feierlichkeiten zu beteiligen.

Ich wünsche Euch allen einen erfüllten Nationalfeiertag, feiert in der Familie, feiert mit allen Nachbarn und Mitmenschen, denn damit zeigen wir, was uns wichtig ist: Frieden, Freiheit und Selbstbestimmung.

Marc BOEVER,
Präsident

Dirigenten, Dirigentinne gesicht !

Fir direkt bei der **Chorale Ste-Cécile Ettelbréck** (22 Aktiver, gemëscht). Prouwe mëttwochs 19:30 bis 21:00. Grousse Repertoire fir d'Sonndesliturgie, och fir weltlech Evenementer. Wgl. Mail un d'Sekretärin Hanna Grosbusch (hanna.durczewska@education.lu) oder d'Presidentin Maggy Gauthier (maggystreff@email.lu).

Bei der **Chorale Berdorf-Consdorf** (28 Member). Prouwen am Moment donneschdes, awer flexibel. Kierchechouer, awer och groussem weltleche Repertoire. Wgl. Mail un emile.weis@education.lu oder paulschilt@pt.lu.

Fir September beim Kanner- a Jugendchouer (5 bis 16 Joer) **Péckvillercher Hoen-Klengbetten**. Prouwen zu Hoen Samschdes 10:30 bis 12:00. Freed un engagéierter Aarbecht mat Kanner a Lëtzebuergesch virausgesat. Wgl. Mail un Peckvillercher.hk@gmail.com.

Bei der **Chorale Ste-Cécile Mamer** (35 Aktiver, gemëscht). Prouwen donneschdes 20:00 bis 22:00, anerer bei Bedarf. De Chouer séngt am Joer e puer Concerte mat ganz variéiertem Repertoire a reegelméisseg d'Masse fir Ouschteren, Commemoratiounsdag, Cäciliendag, Chrëschtdag an den Te Deum. Gesicht gëtt eng Persoun mat Erfarung a Vokaltechnik a –pädagogik, wa méiglech mat Kenntnesser vu Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch. Wgl Mail mat CV a Passfoto un d'Presidentin Anne-Marie Wirion-Wolff (wiwo@pt.lu) oder Tel. 691 799 552.

Pianist, Pianistin gesicht

Beim Kanner- a Jugendchouer **Péckvillercher Hoen-Klengbetten** fir Generalprouwen a Concerten. Mindestens 10 Joer Pianospill mat Erfarung am Begleede ginn erwaart. Wgl. Mail un Peckvillercher.hk@gmail.com.

Cantemus Domino

Lasst uns dem Herrn singen

Ënnert dësem Titel huet sech de Männerchouer „Chorale Sainte Cécile Diekirch“ den 10. Mäerz 2024 an der Dikrecher Parkierch zesummefonnt, fir de Concert National 2024 vum Piusverband ze präsentéieren.

D‘Entstoen an d'Entwécklung vun der Chorale, déi elo 133 Joer besteet, ass an de Kontext gesat vun der gesamter Chouerszen zu Dikrich.

Et war 1851, wéi ënnert dem Numm "Liedertafel" e renge Männerchouer gegrënnt gouf, ënnert der Direktioun vum deemolege Garnisounsmusiksdirekter Jean-Antoine Zinnen. Dëst war den éischte Gesangveräin zu Dikrich a sécherlech och ee vun den éischten am Lëtzebuerger Land. Deemools war et Usus, dat all lokal Notabilitéite Member waren. Beruffer wéi Apdikter, Riichter, Affekot, Professer, Dokter, Einnehmer beim Enregistrement ware vertrueden an all hunn se sech eng Éier gemaach, an deem Veräi matzesangen.

Parallel ass an dëser Zäit och eng Museksgesellschaft zu Dikrich ervirgaangen, déi den 15. November 1868 offiziell als "Philharmonie Municipale" funktionéiert huet.

Den 30. November 1891 huet sech ee Grupp Männer aus dem éier weltlech orientéierte "Sängerbond" getrennt, fir d’"Chorale Ste Cécile" ze grënnen. Si hunn



hir Bestëmmung am Gestalte vun de Gottesdéngschter gesinn.

Ënnert dem Impuls vum Jos Kinzé sollt de Sängerbond vun 1952 un e gemëschte Chouer ginn a bleiwen, an de Kierchechouer ass bis haut e Männergesank bliwwen.

Heimat war awer zu Dikrich mat Gesank a Musik nach net Schluss.

De musikalesch kompetenten an engagéierte Schoulmeeschter Norbert Daman huet 1958 de Bouwechouer «Petits Chanteurs» an d’Liewe geruff.

1960 war et um landbekannte Musiksprofesser Jos Kinzé e Meedercherschouer, d’"Dikricher Solschlësselcher", ze grënnen. De Jos Kinzé war scho vun 1952 un Titularorganist an der Dikkricher Dekanatskierch a wéi scho gesot och Dirigent vun der Chorale Sängerbond.

Di zwee Jugendgesangveräiner waren och geduecht fir den Erwuesseneveräiner Nowuess ze verschafen. Dat huet zu engem gewëssen Deel och funktionéiert.

Da gëtt et zanter méi wéi 30 Joer och den «Ensemble vocal Cantica», deen eis mat klassesche Concerten erfreet.

Zum Gesank an der Kierch gehéiert natierlech e Begleetinstrument. Zënter dem 10.Abrëll 2016 steet eng Thomas–Uergel an der Dikricher Parkierch. Si ass d’Resultat vun enger laangjäreger onermiddlecher Aarbecht vun den "Amis de l’Orgue" an dem Uergelbauveräin, deen 2022 opgeléist gouf. Zesumme mat Staat a Gemeng an och an

enger beispilloser privater Spendenaktioun konnt de Finanzement vun dësem wonnerbaren Instrument garantéiert ginn.

De Maurice Clement, Professer am Conservatoire du Nord an Titularorganist an der Philharmonie zu Lëtzebuerg fënnt all Sonndeg ëmmer nees nei Klangfaarwen op eiser Thomas-Uergel. Hien ass 1999 de Nofollger gi vum Professer Jos Kinzé, deen 48 Joer laang op der Virgängeruergel musizéiert huet. Dräi weider landbekannt Organisten hunn zu Dikrich gewierkt, den Eugène Klein, den Edy Noël an den Emile Kowalsky. De Maurice Clement ass an 133 Joer den 9. Organist op eisem Duxall. Hie feiert dëst Joer säi 25. Titular-Jubiläum zu Dikrich!

Am komponistesch-direktorische Beräich si Jos Kinzé, Norbert Daman, Théo Schalz, Paul Mousel, Carlo Hommel, Marc Dostert, Raymond Majerus a Jean-Paul Majerus an nach vill anerer ervirzehiewen.

Vill gutt forméiert Sängerinnen a Sänger, déi a ville Veräiner uechter d'Land mat hirer Stëmm zum Wuel vu Musek a Gesank sech agesat hunn, kruten hei hir Ausbildung.

Nodeems de Jos Kinzé eis den 20.9.2003 fir ëmmer verlooss hat, hunn déi 4 Gesangveräiner, de Männerchouer, de Sängerbond, den «Ensemble vocal Cantica» an d'Solschlësselcher e Commémorativ-Concert zu senger Éier zesumme gesongen. Et huet de Wëllen ënnerstrach, fir zesummen ze schaffen an sech sou nach besser an den Déngscht vum regionalen an nationale Gesank ze setzen. Aus dëser eemoleger Erfarung ass de Gedanken op kollegialem Niveau vun enger

«Entente des sociétés de chant» zu Dikrich entstanen, déi dann och den 19. Mee 2007 gegrënnt ginn ass a bis haut 5 Concerten zesumme gesongen huet.

Nach haut verschéinere mir als Männerchouer Verstuerwemassen 4-stëmmeg mat ëm di 15 Sänger, och alt mol mat dem komplette Chouer a maachen eisem Veräin domat all Éier.

Fir d'Oktav an eiser Kathedral hëllefe mer scho jorelaang an der Stad d'Erëffnungsandacht sangen.

Och di Dikricher Oktavwoch fënnt hire feierlechen Ofschloss mat der Schlusspressessioun an uschléissender Schlussandacht, gesonge vun engem regional zesummegesate Chouer.

Och wann eise Chouer, ausser e puer erfrëschend jonke Gesiichter, éischter e bësse méi al ausgesäit, sou fillt hien sech awer nach jonk an dynamesch. Et ass nun emol den Trend, dass d'Zukunft sou gutt fir d'Institutioun Kierch wéi och fir d'Kierchechéier net einfach wäert ginn!

An awer, mir bleiwen optimistesch. Mir hunn d'Chance eis

mam Raymond Majerus zënter 33 Joer a kompetenter an engagéierter Hand ze wëssen, a mir hoffen och nach en etlech Joer sou kënne virunzefueren!

Jean–Marie DILLMANN
Conférencier

E Concert National vum allerfeinsten!

An enger bis op de leschte Stull besater Porkierch vun Dikrech hunn och de Weibëschof Mgr Leo Wagener, de Generalvikar Patrick Müller a weider Éieregäscht aus dem kierchlechen, politeschen a weltleche Liewen esou wéi vill Leit aus de Verbandsgremien sech konnten iwwerzeege vun engem aussergewéinlechem Concert National. A fir e sou e Concert brauch een och e staarke Chouer, an dofir steet den Dikricher Männerchouer.

D'Chorale stoung ënnert der Direktioun vum Raymond Majerus, begleet op der Uergel vum Maurice Clement. Weider ass de Concert och musikalesch begleet gi vun zwee jonken Talenter: um Piano war de Jos Majerus an um Harmonium de Joé Lahos. Als Solisten hu Gaby Wolter-Boever, Marc Dostert, Jean-Paul Majerus, Manfred Logelin an Jean-Nico Schambourg mat hire Stëmmen dem Concert nach eng zousätzlech Note ginn. De Concert huet mat e puer profane Stécker vu Lëtzebuerger Komponisten ugefaangen an d'Chorale huet déi mat der selwechter Begeeschterung gesonge wéi déi sakral Musek.

De Programm vum Männerchouer huet duerch dat ganz Kierchejoer gefouert mat Kompositiou-

ne vu Bernard Klein, Jean-Pierre Beicht, Marc Dostert, Jos Kinzé, Carlo Hommel, Albert Leblanc, Jean-Pierre Schmit, Laurent Menager, Leonard Cohen, Dominique Heckmes, F.Mendelssohn-Bartholdy, Joseph Haydn, Gabriel Fauré a Jean-Paul Majerus.

Er war een exzellente Concert, an et war schéin ze gesinn an ze héieren, dass et nach Männerchéier ginn, déi esou een aussergewéinleche Programm an dëser Qualitéit presentéieren. Mat Freed a Leidenschaft zum Sangen hu si dëse Concert zu engem eemolegen Erliefnes gemaach.

Ee staarke Chouer brauch och staark gesanglech a musikalesch Cheffen. Hei sinn zwou Persounen ze ernimmen: den Orga-

nist Maurice Clement, dee mat vill Fangerspëtzegefill d'Uergel an all hiren Téin zum Erklénge bruecht huet an den Dirigent Raymond Majerus, dee mat Genauegkeet a mat Leidenschaft fir de Chouergesank zu der staarker Leeschtung bäigedroen huet.

No der exzellenter Präsentatioun aus der Geschicht vum Männerchouer huet de Conférencier Jean-Marie Dillmann dat allerlescht Stéck ugekënnegt, wou dann di ganz Kierch zesummen „Großer Gott" gesongen huet. Et war eng extra Kompositioun vum Jean-Paul Majerus, an dëst Stéck huet deem Ganzen eng feierlech a gemeinschaftlech Note zum Ofschloss ginn.

Mir de Piusverband si stolz an houfreg op d'Dikrecher Chorale Sainte Cécile a soen Iech all e grousse waarme Merci fir dee formidabele gesanglechen a besënnlechen Nomëtteg am Kader vum Concert National 2024 vum Piusverband.

Marc BOEVER

Houfreg op d'Vergaangenheet a mat Zouversiicht an d'Zukunft

Wann e Veräin op esou eng laang Vergaangenheet zeréckkucke kann, dann ass dat dach schonn eng bemierkenswäert Leeschtung an e spezielle Moment.

Fir dat wierdeg ze feieren hat d'Chorale Sainte Cécile vun Hueschtert (Gemeng Nidderaanwen) sech et net huele gelooss, vu Mee 2023 bis Mäerz 2024 e flotte Programm op d'Been ze stellen.

De 15. Mäerz 2024 war et dann den Ofschloss vun de Feierlechkeete mat enger séance académique am Kulturzentrum „A Schommesch" an d'Virstellung vun der Festbroschür.

Fir de musikaleschen Deel hunn d'Chorale Sainte Cécile vun Hueschtert ënnert der Direktioun vum Jean Schumacher, de Stefan Dorneanu um Piano, de Ruben Dorneanu op der Gei an d' Véronique Schminke um Bügel gesuergt.

De President vum Organisatiounscomité, Paul Klein, huet duerch de Programm gefouert. Fir dem Gebuertsdagskand fir säin exzeptionelle Gebuertsdag ze gratuléieren, haten sech eng Abberzuel vun héije Gäscht afonnt. D' Presidentin Juliette Beffort huet dës an all d'Participants wëllkomm geheescht.

De President vum Piusverband, Marc Boever, huet den Idealismus, den Asaz an d'Ausdauer, déi d'Memberen an all deene Joerzéngten opbruecht hunn, ervirgehuewen. Hiren Engagement huet d'Chorale zu deem gemaach wat se haut ass. Hien huet de Membere vum Chouer vill Courage fir d'Zukunft gewënscht a gesot, si sollen dofir suergen, datt „d'Kierch am Duerf bleift a weider lieweg gehale gëtt."

Den Éierebuergermeeschter Raymond Weydert huet a senger Ried déi gutt Zesummenaarbecht an all de Joren ervirgestrach an huet den Akzent op Upassungsfäegkeet vum Veräi geluecht; Upassung un d'Evolutioun vun der kathoulescher Liturgie - Ofschafe vum Latäin –, Upassung vun der Gesellschaft am 21. Joerhonnert, déi d'kathoulesch Kierchegemeinschaft net verschount huet. D'Chorale Ste Cécile vun Hueschtert wosst dës ze meeschteren.

De Buergermeeschter Fréd Ternes huet dorop opmierksam gemaach, datt de Kierchechouer zu den eelste Veräiner aus der Gemeng gehéiert an huet d'Zuelesymbolik vun den Zifferen 1 5 0 beliicht. Esou steet d'1 fir Motivatioun an Éiergäiz, wou-

150 Joer Chorale Hueschtert

13.05.2023	Fréijorsconcert an der Kierch zu Hueschtert
18.05.2023	Concert zu Ruedt/Syr
21.05.2023	Feierlech Kiermesmass
23.06.2023	Nationalfeierdag
25.06.2023	Concert an der Kierch zu Hueschtert offréiert vun der Chorale mixte du Conservatoire de la Ville de Luxembourg
26.11.2023	Caeciliendag - Teleesmass
23.12.2023	Chrëschtconcert an der Kierch
24.12.2023	Mëtternuechtsmass
24.02.2024	"Niederanwen Sings" an der Philharmonie
15.03.2024	Séance académique a Presentatioun vun der Brochure zum 150. Anniversaire

mat d'Membere vum Veräin schonn 150 Joer dat kulturellt Liewe beräicheren. D'5 steet fir Upassungsfäegkeet an Innovatioun an d'0 fir Spiritualitéit an Intuitioun.

De Paschtouer Nico Schartz huet sengersäits déi gutt frëndschaftlech Relatioune mam Chouer ervirgehuewen an huet seng Ried an d'Zeeche vun der Frëndschaft gesat.

De Weibëschof Leo Wagener huet seng Gléckwenschwierder ënnert dem Bléckwénkel vun der Helleger Caecilia gestallt, där de Chouer an hirem Numm gedenkt. Hien huet deene verschiddene Buschtawe vun der Caecilia eng Bedeitung zoukomme gelooss.

C wéi chrëschtlech (Chorale vu Chrëschte fir Chrëschten)
A wéi Asaz (e Chouer verlaangt vill Asaz)
E wéi éierenamtlech
C wéi « Cantate Domino (Si sangen dem Herr gott zu Éier)
I wéi „iwweraus houfreg" (op dat Geleeschtent)
L wéi „Leidenschaft" (och weiderhin)
I wéi „immens" (fir déi séance académique mat där den Engagement och vun de Virgänger opliewe gelooss gëtt)
A wéi « Ad multos annos »

An der Festried, déi de President vun de Geschichtsfrënn vun der Gemeng Nidderaanwen, Claude Frieseisen, gehalen huet, huet hien ënnert anerem d' Haaptpunkte vun der laanger an interessanter Veräinsgeschicht Revue passéiere gelooss.

D'Zäit virum Grënnungsjoer 1873 war vun enger grousser Onrou gezeechent. Och wann d'Erënnerung un dës Zäiten nach omnipresent war a vill Leit sécherlech am Glawen Zouflucht gesicht hunn, kënnt d'Gesellschaft vun 1870 un da generell a méi roueg Gewässer, an et ass an där Zäit – am Joer 1873 – wou d'Chorale vun Hueschtert duerch de Paschtouer Theodor Schütz an d'Liewe geruff gouf, méi wéi warscheinlech och fir der neier Kierch vun Hueschtert, där hir Konsekratioun 1871 war, e formal constituéierte Gesang ze ginn.

1890 krut d'Chorale mam Schoulmeeschter Jean-Pierre Glauden hiren éischten Dirigent. Hien huet bis 1917 den Dirigentestaf gefouert, also ganzer 27 Joer laang.

Am selwechte Joer haten d'Statute festgehalen, datt den Haaptobjet vum Veräin d'Förderung vum Kierchegesang wier, ouni awer de Volleksgesang auszeschléissen. Interessant ass och, datt d'Statuten deemools virgesinn haten, datt dräimol feelen den Ausschloss aus dem Veräi mat sech bruecht huet. An deen, deen onentschëllegt gefeelt huet, musst och nach eng Strof vun 10 Cent bezuelen. Disziplin war ugesot.

Nodeems datt d'Gemeng en etlech mol Affer vu massive Bränn gi war, huet och d'Gemengesektioun Ueweraanwen decidéiert, e Pompjeescorps op d'Been ze stellen. Well déi

Häre vum Kierchechouer och quasi identesch mat deene waren, déi beim Feierläschen am Asaz waren, ass decidéiert ginn, aus dem „Gesangverein von Hostert“ e „Gesang- und Feuerwehrverein Oberanven“ ze maachen. Vun 1892 bis 1969 hat de Veräin deemno zwee Standbeen: Gesangveräin a Pompjeescorps. Esou ass den deemools renge Männerchouer dann och bei feierlechen Uläss mat Pompjeesuniformen ugetrueden.

1896 krut d’Hueschterter Kierch dann och eng nei Uergel.

1917 huet de Schoulmeeschter Pierre Hengen den Dirigentestaf iwwerholl, deen hien 1950, no 33 Joer, ofginn huet.

1923 huet de Gesang da säi 50. Gebuertsdag gefeiert, an dat mat der Bedeelegung vun net manner wéi 15 Pompjeescorpsen, 9 Gesangveräiner a 7 Museksgesellschaften.

Och wann den zweete Weltkrich en aschneidende Moment am Liewe vu ville Veräiner war, sou huet d’Chorale vun Hueschtert déi schwéier Zäit dach awer iwwerstanen. No dëser donkeler Zäit wollt d’Chorale Courage a Freed verbreeden, andeem si ugefaangen huet, Theatervirstellungen ze organiséieren, mat Stécker wéi dem Dicks senger «Mumm Séiss» oder dem «Scholdschäin»; awer och däitsch Stécker stoungen um Programm.

1950 huet dann de Schoulmeeschter Jean Even den Dirigenteposte fir ganzer 52 Joer iwwerholl, an dat bis 2002.

1958 ass d’Zuel vun de Chouermemberen op 17 gefall an et ass versicht ginn, dergéintzesteieren, andeem datt de Chouer mixte ginn ass, also sech opgemaach huet fir Jugendlecher a Fraen, déi natierlech vum Pompjeesdéngscht entbonne waren.

1969 ass et zur Trennung vun den zwee Standbeen Pompjeeën a Gesang komm, net ze läscht well net all Sänger och Pompjee wollt ginn a well net all Pompjee och sange konnt a wollt. Vun do un dréit d’Chorale den Numm „Chorale Sainte Cécile Hostert” an ass an deem Joer dem Piusverband bäigetrueden, eng gutt Decisioun.

1970 huet d’Chorale dann och hiren haitege Fändel kritt. An deenen 150 Joer hat si 4 Fändelen. D’Membere vun der Chorale konnten op jiddwer Fall ëmmer mat Stolz hannert hirem Fändel goen. Well hire Fändel stoung fir gesellschaftlechen Engagement a chrëschtlech Wäerter. 1984 krut d’Hueschterter Kierch dann och eng nei Uergel, eng „revisited Version“ vun där vun 1896, déi periodesch Probleemer gemaach huet.

2002 huet dann de Jean Schumacher den Dirigentestaf vum Jean Ewen iwwerholl. Hie mécht dat och elo schonn, mat vill Engagement, säit net manner wéi 22 Joer. Et ass scho bemierkenswäert, datt d’Chorale vun Hueschtert an deenen 150 Joer nëmme 4 Dirigenten hat.

Wärend der Coronazäit huet d’Chorale, duerch den Erfindungsgeescht vum Dirigent Jean Schumacher a vum Organist Stefan Dorneanu, et fäerdeg bruecht, doduerch datt si den digitale Wee gaange sinn, datt d’Massen iwwert d’Kommunikatiounsplattforme “Zoom” an “Telecircuit” (vum Cipa) matverfollegt konnte ginn. Enn 2020 konnten d’Sängerinnen an d’Sänger sech erëm gesinn, mat dem Anhale vun den hygieneschen Empfeelungen. Déi Aktioun ass dat beschte Beispill wéi dëse Chouer funktionéiert. Ëmmer erëm sicht en no Weeër, fir sech den Erausfuerderunge vun der Zäit ze stellen. Dat verdéngt ouni Zweiwel e ganz grousse Respekt.

An deenen 150 Joer konnt d’Chorale dann och zeréckkucken op eng mannegfalteg Palett vun Aktivitéiten.

All Sonnden (um „Dies Domini“) leeschten d’Sängerinnen an d‘Sänger ouni Zweiwel, als ee vun den Acteure vun der Liturgie, e grousse Beitrag bei der Matgestaltung vun der liturgescher Feier. Als Kierchechouer si si e weesentleche Bestanddeel vun all de reliéise Feieren. Si droen derzou bäi, datt déi grouss Rendez-vousen am kierchleche Kalenner op Ouschteren, Päischten, Chrëschtdag, wärend der Oktavzäit asw. deen néidege feierleche Charakter kréien. Mat festlechem Gesang begleede si déi gleeweg Chrëschten awer och an de wichtege Momenter vum Liewen, bei der Kommunioun, bei der Firmung, bei der Hochzäit an um Enn vun hirem Liewen, wou si an deem Moment mat fir déi néideg Dignitéit suergen.

Desweideren hu si niewent de reegelméissege Concerten an der Gemeng, wou si 150 Joer laang zur Beliewung vum kulturelle Liewe bäigedroen hunn, sech net gescheit, un internationale Sängertreffen deelzehuelen a sech do mat anere Chorallen ze miessen, wéi beim Concours zu Made an Holland, wou se 1987 den 1. Präis an der Division supérieure gewonnen haten.

D'Chorale vun Hueschtert huet ëmmer derfir gesuergt, d'Kontakter mat anere Chéier hei zu Lëtzebuerg ze fleegen a mat hinnen zesummen op Concerten ze sangen. Si huet awer och eng intensiv Frëndschaft mat Chéier aus dem Ausland gefleegt, notamment mat deem vu Wolsfeld an Däitschland.

D'Sängerinnen an d'Sänger hunn doriwwer eraus Radios- an Tëleesmasse gesongen (déi läscht op Cäciliendag 2023, an do am Repertoire eng eege Kompositioun vum Stefan Dorneanu), Primize verschéinert, wéi 1990 déi vum Claude Bache, Concerten op méi spezielle Plaze gesongen, wéi am Tunnel Grouft oder alljärlech bei der Schetzelsgrott.

Nieft dem Sange sinn awer och d'Gesellegkeet an d'Komerodschaft gefleegt ginn. Stellvertriedend fir dat gesellegt Zesummesinn waren déi flott Momenter no der Prouf, déi gemeinsam lessen an déi flott Ausflich zu Lëtzebuerg an am Ausland.

Vun 1873 bis haut huet d'Chorale Sainte Cécile vun Hueschtert sech all hir Héichpunkte mat vill Fläiss erschafft an all d'Déifpunkten, déi si hu missen duerchgoen, mat Bravour a Kompetenz gemeeschtert.

D'Frënn vum Kierchechouer ware frou ze gesinn, datt d'Gebuertsdagskand sech och nach haut, no 150 Joer, a gudder Gesondheet befënnt.

Dat huet de Chouer net zu läscht de 24. Februar 2024 bewisen, wéi en zesumme mat deenen aneren zwou Chorallen aus der Gemeng Nidderaanwen, dem ensemble vocal Jubilate Musica an der Concordia The Voices, an der Philharmonie dem total ausverkaafte Sall en extreem flotte Concert gebueden huet.

Et ass flott ze gesinn, datt déi, déi de Chouer fir de Moment begleeden, grad jonk Leit sinn, an dat an der Persoun vum Organist a Komponist Stefan Dorneanu, dee periodesch excellent entouréiert ass vu sengem Brudder a Geiist Ruben Dorneanu, dem Flüttist Philipp Schneider oder der Mary Dorneanu-Karier um Cello.

Et wier natierlech flott a vu Virdeel, wann esou jonk Elementer an den nächste Joren och de Pool vun de Sängerinnen a Sänger verstäerke kéinten, fir esou d'Zukunft vum Veräin ze garantéieren.

A grad d'Sange gehéiert zu de ganz positive Fräizäitgestaltungen. Et ass jo bekannt, datt d'Sangen sech positiv op d'Wuelbefanne vun de Mënschen auswierkt an dat esouwuel op dat kierperlecht wéi dat psychescht Wuelbefannen.

Fir déi, déi de Privileeg haten, bei der Organisatioun vun dësem Gebuertsdag derbäi konnten ze sinn, war et eng Freed ze gesinn, mat wat fir engem Enthusiasmus an a wat fir enger positiver Atmosphär d'Presidentin Juliette Beffort an déi aner Kolleeginnen a Kolleege vun der Chorale hirem Hobby noginn an dat trotz laangjäregem Engagement.

Et huet een dunn och direkt un d'Chorale geduecht, wéi et dëst Joer am Äerzbëschof a Kardinol Jean-Claude Hollerich sengem Hierdebréif zur Faaschtenzäit geheescht huet: „Fir datt Mënschen sech an enger Gemeinschaft wuel spiere muss d'Atmosphär einfach stëmmen, de Kader häerzlech, respektvoll a schéi sinn. Do wou ee sech gebuergen an ugeholl spiert, kënnt een ëmmer erëm gären zréck, fir Zäit mateneen ze verbréngen an e Stéck Liewenswee zesummen ze goen."

An et ass genau dat, wat ee bei der Chorale Sainte Cécile vun Hueschtert spiert. Wann et hir geléngt, dat bäizebehalen a sech ze erneieren, da sinn d'Grondsteng fir déi nächst Joerzéngte geluecht. Op jiddwer Fall wënsche mir der Chorale Ste Cécile vun Hueschtert nach vill flott Joren derbäi a freeën eis schonn op déi nächste musikalesch Rendez-vouse mat hinnen.

Claude FRIESEISEN

Ils ont rejoint les chœurs célestes

BOCK Alphonse –
membre actif, président, secrétaire et organiste de longue date de la 'Chorale « Sängerfrënn » Sassel', membre actif et organiste de longue date de la 'Chorale Ste-Cécile Asselborn', membre actif et organiste de longue date de la 'Chorale Ste-Cécile Doennange, Deiffelt, Lentzweiler'

BONENBERGER Sandy –
membre actif de la 'Chorale Cäcilia Schweecherdaul'

FRANK Jepp (Jean-Paul) –
membre actif et secrétaire de longue date de la 'Chorale Ste-Cécile Strassen'

LUCAS Guy –
Organiste pendant 40 ans de la 'Chorale Ste-Cécile Bridel'

LUCAS Monique –
membre actif de longue date de la 'Chorale Ste-Cécile Bridel'

MERTZIG Robert –
membre honoraire du comité de longue date de la 'Chorale Ste-Cécile Junglinster'

MOUSEL Paul –
membre actif et organiste de longue date des Chorales 'Ste-Cécile Diekirch' et 'Steeëner Sängerfrënn'

PLEIN Eugène –
membre actif, chef de chœur et trésorier de longue date de la 'Chorale Sängerfrënn Ärenzdall Feels' et membre actif de longue date de la 'Chorale Ste-Cécile Medernach'

PLETSCHETTE Camille –
membre actif et président de longue date de la 'Chorale Ste-Cécile Cruchten' et membre actif de longue date de la 'Chorale Ste-Cécile Medernach'

RACKÉ-SCHMITZ Margot –
membre actif et vice-présidente de longue date de la 'Chorale Ste-Cécile Pintsch'

SEYLER-KRAUSCH Sophie–
membre actif de longue date de la 'Chorale Ste-Cécile Pontpierre-Bergem', décorée de la médaille en or de l'Union St-Pie X

WILTGEN-GEIB Georgette –
membre actif de longue date 'Chorale Ste-Cécile Eschweiler/Wiltz'

WIRTH Alphonse (Fésy) –
membre actif pendant 80 ans et président pendant 60 ans de la 'Chorale Ste-Cécile Steinfort'

ZEIMES Jos –
membre actif et président de longue date de la 'Chorale Caecilia Schieren'

Man sieht die Sonne untergehen und erstickt doch, wenn es plötzlich dunkel ist. (Franz Kafka)

Den Zentralcomité, d'Personal an all d'Membere vum Piusverband bedaueren den Dout vum

Här Alphonse Bock

Wärend ville Joren, vun 1997 – 2022, huet den Alphonse dem Piusverband an der Lëtzebuerger Kierch vill trei Déngschter geleescht. Als Sänger, Organist an als dreiwend Kraaft am Norden huet hie Verantwortung iwwerholl bei der Organisatioun vun der Oktavmass vum fréieren Dekanat Cliärref.

Um zweete Sonndeg vun der Oktav, déi ënnert dem Titel stoung "... um zu dienen!" huet den Alphonse eis verlooss. "DIENEN", dat huet hie gemaach joraus, joran als Sänger an Organist um Gebitt vun der reliéiser a sakraler Musek.

Mä och an sengem private Liewen huet hie mat Wäermt a Léift, a schéinen a manner schéinen Deeg, ëmmer alles gemaach zum Wuel vu senger Famill.

Den Zentralcomité, d'Personal an all Membere vum Piusverband drécken heimat senger léiwer Famill hiert häerzlechst Bäileed aus.

Alphonse, Merci!

…fir ze déngen!

Um Owend vum éischten Oktavsonndeg hate sech d'Member vun de Kierchechéier an der Kathedral afonnt, fir zesumme mam Zentralcomité d'Mass fir de Piusverband ze feieren. Zesumme mam Chanoine Claude Bache, geeschtleche Beroder vum Verband, hunn d'Häre Georges Hellinghausen a Jean-Pierre Reiners d'Mass gefeiert, un deeër och den Här Weibëschof Mgr Léon Wagner deelgeholl huet. Musikalesch gestalt gouf dës Mass mat engem ganz vilfältege Programm vun der Chorale Ste-Cécile vu Mamer ënnert der Direktioun vun der Mme Sylvie Serra-Jacobs, op der Uergel begleet vum Doumorganist Paul Breisch.

E grousse Merci de Museker vun der Kathedral, déi an der Muttergottesoktav ëmmer do waren, fir eise Chorallen, Dirigenten an Organiste bei alle Problemer ze hëllefen.

Och an der Schlusspressessioun war de Piusverband mat engem Grupp vu ronn 100 Sängerinnen a Sänger vertrueden. E grousse Merci un all déi, déi gehollef hu virsangen, virbieden, Fändel an Hautparleuren droen, Liddderziedele

Fotoen L.Willkomm

Hiert sinn: e „Full-time-Job“ (Joh 10,11-18)

Priedegt vum Deche Claude Bache, Conseiller ecclésiastique vum Piusverband an der Oktavmass

1. Et gi Beruffer, déi vill vun engem ofverlaangen, déi engem awer nëmme wéineg Unerkennung bréngen. Am Däitsche gëtt alt gesot, wann ee fir esou eng Beruffer keng Leit fënnt: „In diesen Job muss man erst jemanden hineinprügeln!“ Jo, et ass net liicht, een ze fannen, dee bereet ass, eng besonnesch schwéier an delikat Aufgab z'iwwerhuelen, déi mat vill Aarbecht verbonnen ass an awer nëmme wéineg Dank ofwerft. Ëm esou en Job räisst kee sech.

Et besteet och keen Zweiwel drun: Grad Aufgaben, déi vill Asaz an Engagement erfuerderen a wéineg Zäit fir d'Privatliewe loossen, grad esou Aufgaben a Beruffer sinn haut net onbedéngt populär an attraktiv. Beruffer, déi e richtegt Engagement erfuerderen, also eng Astellung, an där ech ganz a menger Aufgab opginn a fir d'Mënschen, déi mir uvertraut sinn, ouni Virbehalt do sinn, esou Beruffer stinn haut net ganz héich am Cours: dat gëllt fir Politiker, Dokteren, Infirmièren, Geeschtlech a kierchlech Beruffer, awer och z.B. fir de Beruff vun der Mamm, déi doran hir Liewensaufgab gesäit, ganz fir hir Famill do ze sinn.

Säi Liewen dofir higinn, fënnt an eiser Gesellschaft haut ganz dacks keng grouss Unerkennung méi. Hei kënnt et méi drop un, sech selwer ze verwierklechen. Mir liewen an enger „Spaassgesellschaft“: Stonnelaang gëtt äis an alle méiglechen Talkshowen ageriet, datt mir iergendwéi vu gëschter sinn, wa mir net vrun allem dat an och nëmmen dat maachen, wat Spaass mécht, wourop mir grad Loscht hunn. Wann ee sech selwer an seng Bedürfnisser zréckstellt wéinst enger bestëmmter Aufgab – z.B. fir engem aneren en Déngscht ze leeschten (iwwregens och esou en almoudescht an onattraktiivt

Wuert!) –, amplaz all Bedürfnisser direkt an ouni Rücksicht op Verloscht auszeliewen, da gëllt een als iergendwéi verklemmt an hoffnungslos réckstänneg. Neen, säi Liewe fir en aneren higinn, sou wéi de Jesus et am Evangelium seet, dat steet hautdesdaags net méi héich am Cours.

2. An awer gëtt et och dat anert: datt jonk Mënschen op eemol erëm spieren, datt et am Liewen dach méi muss ginn ewéi nëmme Konsum a Spaass. Datt si spieren, datt et fir ee selwer eng déif Erfëllung ka sinn, wann ee fir anerer do ass, wann een sech ëm d'Suergen an d'Nout vun deenen anere këmmert. Ech mengen an eiser Gesellschaft wouerzehuelen, datt d'Verlaangeren no enger Welt, an där net einfach Egoismus an Hedonismus herrschen, d'Verlaangeren no enger Welt, an där d'Mënschen erëm ee fir deen aneren do sinn, nees méi grouss gëtt. Vill bekloen der den Egoismus a leiden drënner, datt eis Welt a Villem esou kal an onbaarmhäerzeg ginn ass, datt vill Mënsche just nach sech an hir Intressie gesinn. Mä d'Gefor ass grouss, datt ee bei dësem allgemenge Kloen a Jéimere stoe bleift nom bekannte Motto: „Wéi kal ass dach eis Welt! All denken se nëmmen u sech! Just ech denken u mech!"

3. Wierklech eppes ännert sech awer eréischt do, wou d'Bereetschaft wiisst, sech selwer zréckzehuelen a selwer domat unzefänken, fir anerer dozesinn. Genee dat mengt de Jesus mam Bildwuert vum gudden Hiert aus dem Evangelium vun dësem 4. Ouschtersonndeg. Et geet drëms, säi Liewen anzesetzen, et geet ëm de Courage, eng Saach richteg a ganz ze maachen, andeems ech mech ganz abréngen an asetzen. Fir de Jesus bedeit dat a leschter Konsequenz den Asaz vu sengem Liewen. Dofir däerfe mir net iwwersinn, datt de Jesus mat dësem Bild fir d'éischt emol sech selwer mengt: Ech sinn dee gudden Hiert! Hie schwätzt net vun den Apostelen, de Bëscheef, de Geeschtlechen, vu senge Jünger oder souguer vu jiddwer Chrëscht. Neen, d'Bild mengt fir d'alleréischt de Jesus Christus: Hien eleng ass dee gudden Hiert! Dat iwwersi mir liicht, wa mir d'Bild bal selbstverständlech op d'Priister an d'Geeschtlech Beruffer iwwerdroen. Mir däerfen awer dëst Bild net einfach verzwecken a vun de Geeschtlechen oder vun de Mënschen, déi sech an der Kierch engagéieren, en Asaz verlaangen, dee si leschten Enns iwwerfuerdere géif. Mä dat ass nun emol heiansdo esou an der Kierch: Wann een äis e klenge Fanger reecht, dann huele mir gär déi ganz Hand.

4. Op där anerer Säit däerfe mir awer och net iwwersinn, datt de Jesus seng Hierdesuerg no sengem Doud a senger Operstéiung den Apostelen an domat der ganzer Kierch iwwerdroen huet. Duerch äis, duerch d'Gemeinschaft vun de Chrëschten, wëllt Christus de Mënschen haut begéinen, wëllt hie fir si do sinn, wëllt hien sech ëm si suergen, wëllt hie si op déi gutt Weed féieren. Mir sinn opgefuerdert, mat Christus Hiert ze sinn – an zwar mir all, déi mir gedeeft sinn, déi mir Chrëschte sinn. An Hiert-Sinn, dat ass e „Full-time-Job". Dat geet net esou niewelaanscht oder fir e puer Stonnen an der Woch. Dat geet nëmme ganz oder guer net. Dat geet eeben nëmmen, wann ech mech dofir higinn!

Fir datt awer hei kee Mëssverständnes opkënnt: Ech schwätzen elo net vum Benevolat an der Kierch. Et geet net drëms, wéi vill sech een an senger Par engagéiert. Dat muss jidderee fir sech selwer entscheeden, wéi vill méiglech ass a wou Grenze sinn. Hei geet et ëm eppes anescht. Et geet ëm eis Grondhaltung als Chrëschten: ob ech als Chrëscht bereet sinn, fir d'Mënschen dozesinn, well mir eppes un hinne läit. Et geet drëms, ob ech d'Mënsche wierklech gär hunn

oder ob si mir am Fong geholl egal sinn. Den Herrgott huet, kéint ee soen, e Faibel fir d'Mënschen, hien huet d'Mënsche gär, an dofir setzt hie sech esou an, datt hien um Enn souguer säin eenzege Jong higëtt: Seht, welche Liebe uns der Vater geschenkt hat (1 Joh 3,1) hu mir virdrun an der Liesung aus dem 1. Johannesbréif héieren. Dat ass eis gemeinsam Beruffung: datt Christus duerch äis haut – wéi dee gudden Hiert – fir d'Mënschen do si kann. Chrëschte si Mënschen, déi dës Passioun vum Herrgott fir d'Mënschen deelen, déi sech net nëmmen aus Flichtbewosstsinn – wéi dee gedangte Kniecht – mä aus Iwwerzeegung, aus Leidenschaft, aus Léift asetze fir eng besser Welt a fir hir Matmënschen.

An deem Sënn ass sécher och d'Theema vun der Oktav vun dësem Joer ze verstoen: „…fir ze déngen!". Loosse mir op eis Tréischterin kucken, déi sech och vum Herrgott an den Déngscht huele gelooss huet, a loosse mir wéi si bereet sinn, Christus an eise Matmënschen ze déngen.

5. Wa mir dës Oktavmass ganz besonnesch fir de Piusverband, fir d'Kierchesängerinnen an d'Kierchesänger, fir hir Dirigenten an Organisten a fir all Frënn vun der Musica sacra hei an eiser Äerzdiözees feieren, da gëllen och äis all déi Ureegungen, déi ech vum Bild a vun de Wierder vum gudden Hiert aus dem Evangelium vun haut ofgeleet hunn, an dat op eng ganz spezifesch Manéier.

Och mir Kierchesängerinnen a Kierchesänger si vum Herrgott an den Déngscht geholl. An deen Déngscht, dee mir leeschten, ass en nobelen Déngscht um Herrgott an un eise Matmënschen. Als Kierchechouer sti mir dacks an der éischter Rei, fir Lueflidder ze sangen, déi d'Häerzer erhiewen an d'Séile beréieren. Mä wat heescht et wierklech, deem Déngscht nozegoen?

An der helleger Schrëft fanne mir vill Beispiller dofir, wéi de Gesank an d'Luef eng zentral Plaz am Déngscht um Herrgott an un de Mënschen huet. D'Psalme si voll vu Versen, déi äis dozou opruffen, mat Freed ze sangen an den Herrgott ze luewen. Si erënneren äis awer och drun, datt eise Gesank eng Quell vun Trouscht a vun der Hoffnung fir déi si kann, déi en héieren.

Wa mir sangen, maache mir eis Häerzer op a loossen dem Herrgott säi Geescht duerch äis wierken. Eis Stëmme vereenege sech zu engem Chouer vum Luef, deen d'Mauere vun eiser Kierch duerchdréngt an d'Häerzer vun deenen erreecht, déi vläicht nach op Distanz zur Kierch sinn. An deem Ament si mir méi wéi nëmme Sänger, mir si Botschafter vum Herrgott, déi de Mënsche seng Léift an seng Baarmhäerzegkeet duerch eis Lidder verkënnegen.

Eisen Déngscht däerf sech awer net nëmmen drop beschränken, den Herrgott ze luewen. En erstreckt sech och op eis Matmënschen. Well a jiddwer Lidd, dat mir sangen, läit d'Botschaft vun der Léift a vum Matgefill verbuergen. Eis Stëmme kënnen Trouscht spenden, Hoffnung schenken an déijéineg encouragéieren, fir déi d'Zäiten däischter sinn. Duerch eise Gesank kënne mir Brécke bauen a Gemeinschaft schafen.

Léif Kierchesängerinnen a Kierchesänger, denkt drun, datt jiddwer Toun, dee mir sangen, eng Geleeënheet ass, dem Herrgott seng Léift an eis Welt erauszedroen. Jiddwer Akkord, jiddwer Melodie kann d'Häerzer vun deene beréieren, déi se héieren. Dofir loosse mir eisen Déngscht mat vollem Asaz a mat Dankbarkeet leeschten, an dat am Wëssen drëms, datt mir en Instrument vum Fridden a vun der Freed am Herrgott senger Hand sinn. Eise Gesank soll haut an an Zukunft derzou bäidroen, eis Welt e bësse méi hell ze maachen an d'Häerzer vun deenen opmaachen, déi en héieren. Dozou froe mir dem Herrgott seng Gnod a mir wëllen et maache wéi d'Maria … fir ze déngen!

Amen.

"Von Gott gemacht"

Mittwoch, der 1. Mai 2024. Sie konnten sich nicht entscheiden, ob Sie der Luxemburger Oktave einen (weiteren) Besuch abstatten oder der Gewerkschaftskundgebung? Ein Blick über die Grenze zeigte eine dritte Möglichkeit: am 1. Mai feiert der Trierer Dom sein Domweihfest, und in diesem Jahr geschah dies mit besonderer Feierlichkeit zum 50. Jahrestag der Wiedereröffnung.

In der ältesten Bischofskirche nördlich der Alpen war es durch die Umbaumaßnahmen vergangener Jahrhunderte, Zersetzungserscheinungen in den römischen Fundamenten und Erschütterungen nach Bombardierungen im Zweiten Weltkrieg zu statischen Problemen gekommen. Als sich 1959 Steine aus einem Gurtbogen lösten, wurde klar, dass umfassende Untersuchungen und Maßnahmen zur statischen Sicherung anstanden; gleichzeitig sollte der Kirchenraum nach liturgischen Gesichtspunkten umgebaut werden. Wie nicht anders zu erwarten, hatten Architekten, Domkapitel, Künstler, Denkmalschützer, Statiker und Archäologen deutlich unterschiedliche Vorstellungen und Prioritäten. Für Streit zwischen reformfreudigen Liturgiewis-

senschaftlern und geschichtsbewussten Denkmalpflegern sorgten etwa die Nebenaltäre an den Pfeilern: um die Bedeutung des neu zu errichtenden Hauptaltars nicht zu schmälern, wollte man sie aus dem Hauptraum an die Seitenwände oder eine Ausstellungshalle verbannen. Sie sind schließlich an den Pfeilern verblieben und bestimmen das Raumbild wesentlich mit, das uns heute durch stilistische Diversität beeindruckt: ein oft überraschendes Nebeneinander von moderner Kunst, barockem Mobiliar und mittelalterlicher Architektur auf einer bis in die Römerzeit zurückreichenden Grundlage.

Auffallendste Änderung bei den vor 50 Jahren abgeschlossenen Arbeiten ist wohl die Verlagerung des Altares aus dem Hochchor auf die neue Altarinsel in der Vierung. Der Altar rückt somit auch optisch in das Zentrum des Geschehens; der Kapitelchor liegt heute dahinter und dient vor allem der Dommusik als Auftrittsort. Umstritten war auch die Wandgestaltung: der Putz wurde abgeschlagen, die geschlämmten Wände machen die Wandstrukturen sichtbar. Nach über 10 Jahren Schließung und Baukosten von deutlich über 30 Millionen DM konnte am 1. Mai 1974 wieder Gottesdienst im Dom gefeiert werden; Bischof Stein hatte 7 Jahre nach seiner Amtseinführung eine Kathedrale. Seither hat sich die Ausstattung vervollständigt: Ambo, Kathedra, Osterleuchter und rezente Heiligenfiguren setzen diskrete zeitgenössische Akzente.

Auch die große Klais-Schwalbennestorgel an der nördlichen Hochschiffwand wurde 1974 (in Rekordzeit) errichtet, 1996 kam eine Klais-Chororgel hinzu. Zum 50. Geburtstag hatte das Trierer Domkapitel eine Komposition bei Naji Hakim in Auftrag gegeben. Der Nachfolger Olivier Messiaens an der Pariser Trinité ist auch in Luxemburg kein Unbekannter; man erinnert sich an das Einweihungskonzert vom April 2002 in Düdelingen. Seine neue Komposition "Von Gott gemacht" verarbeitet Bruckners Kirchweihmotette "Locus iste" (zum 200. Geburtstag des Komponisten), die Töne des Stundenschlags der Domglocken und Verse aus Ps. 84 ("Wie liebenswert sind deine Wohnungen") zu einer teils tänzerisch wirkenden, 12-minütigen Komposition für zwei Orgeln, Solo-Sopran, Chor und Gemeinde. Am 1. Mai erklang das Werk erstmals in der liturgischen Version mit Gemeindebeteiligung als Antwortgesang im Pontifikalamt um 10:30 Uhr.

Die musikalische Gestaltung des Domweihfestes war beeindruckend: Trierer Domchor, Kathedraljugendchor, Vokalensemble, Dombläser, Solosopran, Kantorin, die beiden Organisten Josef Still und Ulrich Krupp, das Ganze unter der Leitung von Domkapellmeister Thomas Kiefer. Das musikalische Programm des Gottesdienstes bestand fast ausschließlich aus Kompositionen der Trierer Domkapellmeister aus den vergangenen 50 Jahren, die zu Domfestmessen, den Heilig-Rock-Wallfahrten 1996 und 2012 oder dem Chorfestival der Pueri Cantores entstanden sind. Die Rollenaufteilung zwischen

Solisten, Chören und Gemeinden darf man gerne als Vorbild nehmen; einen wesentlichen Beitrag hierzu leisten die Bearbeitungen bekannter Kirchenlieder ("Ein Haus voll Glorie", "Wir wollen alle fröhlich sein"), die von Chor und Gemeinde im Wechsel gesungen werden. Seit der Wiedereröffnung vor 50 Jahren hat sich hier ein "Trierer Quartsatzmodell" herausgebildet, bei welchem die Chorstrophen eine Quarte höher als die Gemeindestrophen stehen. Die früheren Domkapellmeister Klaus Fischbach und Stephan Rommelspacher haben bereits 2014 eine Sammlung solcher Sätze als "Trierer Chorbuch zum Gotteslob" herausgegeben; sie sei unseren Chorleitern als Modell für die Alternatimpraxis empfohlen.

Vor Beginn des Pontifikalamtes probte Thomas Kiefer kurz die weniger bekannten Gemeindeantworten, vor allem natürlich jene zum erstmals aufgeführten Hakim-Stück. Seine abschließende Ermunterung unterstrich die Wichtigkeit der Gemeindebeteiligung, die wir hierzulande doch oft vermissen: "Erweisen Sie dem Dom die Ehre und singen Sie, so laut Sie können!"

Falls Sie den 1. Mai andernorts verbracht haben: das Museum am Dom zeigt bis zum 8. September 2024 eine kleine, aber sehenswerte Sonderschau "Der Trierer Dom im Wandel", und eine neue CD zum Jubiläum enthält unter anderem auch Naji Hakims Auftragskomposition.

Laurent WILLKOMM

Fotoen L.Willkomm

175 Jahre im Dienste des Chorgesangs und der Musik.

Der Gesangverein „Chorale Ste Cécile Sandweiler“ ist der älteste Verein der Gemeinde Sandweiler, ihrerseits eine der ältesten Ortschaften des Landes. Kontinuität und Tradition haben in den letzten 174 Jahren, seit der Gründung eines Männerchores im Jahre 1849 durch Pfarrer W. WELTER und Lehrer J.B. HAAL, das Dorfleben geprägt. Sehr früh schon zeichnete der Verein sich aus, nicht nur durch die Gestaltung der kirchlichen Feiern, sondern auch durch die Verschönerung der weltlichen Feste.

1863 war der Sandweiler Gesangverein Mitgründer des “Allgemeiner Luxemburger Musikverein“, der heutigen UGDA und wirkte 1864 bei der Uraufführung von "Ons Heemecht" mit. Durch den Bau einer Müller-Orgel im Jahre 1906 konnte der Verein sich nun richtig entfalten. Nach der Auflösung des Vereins in den Kriegsjahren durch den deutschen Besatzer übernahm 1945 Lehrer J. PERNY den Dirigentenstab.

Im Jahre 1966 wurde dann der Männerchor in eine "Chorale Mixte" umgewandelt, welche 1973 den Zweigverein “Chorale Enfantine ALLEGRO” gründete. Von1991-2005 war Martin BACH Titularorganist. Auf der Suche nach neuen Kompositionen und Herausforderungen übernahm 2001 Jean-Marie SUNNEN als Präsident die Geschicke des Vereins.

Unverkennbar ist seit 2001 auch die Entfaltung des Chores durch die wirkungsvolle und dynamische Leitung des Dirigenten und Organisten Georges JUNGBLUT. Unverzichtbar aber auch ist die vielseitige Erfahrung der Chormitglieder, die mit vorbildlichem Einsatz und viel Freude die wöchentlichen Proben besuchen, welche jeweils am Donnerstag um 19:30 Uhr im „Centre Culturel Sandweiler“ stattfinden.

Leider hat Corona die Kirchenchöre arg in Bedrängnis gebracht, und es war sehr schwer gewesen, die Vereine am Leben zu erhalten und sie zum Weitermachen zu ermuntern. Die "Chorale Ste Cécile Sandweiler" hat diese Corona-Zeit mit viel Mut und Zuversicht überstanden und unter Berücksichtigung der Einhaltung der sanitären Regeln haben das Chorleben und die Proben unter Dirigent Georges Jungblut wieder zur Normalität zurückgefunden. Messen können wieder gesanglich gestaltet werden, Konzerte wieder eingeplant und aufgeführt werden.

Ein Glücksfall und eine große Bereicherung für den Verein war die Aufnahme von Sängerinnen und Sängern der portugiesischen Gemeinschaft in Sandweiler.

Jedem Verehrer der gesanglichen Muse bietet der Verein die Möglichkeit, durch gesangliches Talent und Liebe zu Musik und Gesang das kulturelle Gut Sandweiler’s zu bereichern.

Zum 175ten Geburtstag wünschen wir dem Jubilarverein weiterhin viel Erfolg und Anerkennung.

Ad multos Annos

Jean-Marie SÜNNEN

Präsident

MOBILITÉ MANDIBULAIRE A1 – TIERCES AMBULANTES

Les étirements présentés dans l'article précédent une fois effectués, il est temps d'accroître ce que j'appelle la « mobilité mandibulaire » par une série d'exercices présentés, une fois de plus, sous forme d'une succession qui augmente de pas en pas la difficulté d'exécution.

Les débutants peuvent à tout moment arrêter cette progression et se pencher sur le sujet plus tard en essayant d'aller de plus en plus loin.

Voyons d'abord l'exercice sous une forme simplifiée qui permet d'en choisir la tessiture. Il est présenté, avec un accompagnement de piano facultatif, dans trois tonalités allant de l'aigu vers le grave :



Ce choix de tonalités est loin d'être exhaustif et se doit d'être étendu au besoin.

A partir de maintenant, je présenterai les exercices en do majeur, une tonalité facile à penser.

En nous concentrant sur les voyelles arrondies postérieures, dont nous savons qu'elles présentent le moindre des défis dans ce contexte, voici en premier lieu un résumé, suivi, par la suite, d'une notation plus explicite prenant en considération des nuances et articulations dont le degré de difficulté va croissant :

Résumé:



Nous voyons bien que ce type de notation qui réunit tout sous un toit est loin d'être satisfaisante, mais elle peut servir comme aide-mémoire après une bonne mémorisation des nuances et phrasés qui sont liés à ces (groupes de) voyelles chantées.

Phase 1



Phase 2

Phase 3



Phase 4

PHASE 5

Après ces quatre phases servant d'échauffement, un exercice avec des étirements s'impose. À répéter plusieurs fois en allant de plus en plus loin dans le ralentissement du tempo suggéré et les nuances proposées :

PHASE 6

Lesexercicesquisuiventdoiventbienlierlesmouvements respiratoires avec les actions mandibulaires qui font travailler, comme effet secondaire la glotte « modulée » par ces allées et venues opérées par les flux d'air et les phénomènes de résonance qui s'installent dans le tuyau.

En chantant ce qui est noté ci-dessous, l'appareil vocal d'un chanteur expérimenté devrait ajuster automatiquement tous les mouvements et forces requises pour les réaliser.

Un auto-apprentissage bénin devrait s'installer d'une façon naturelle. Si ceci n'est pas le cas, le chanteur n'est pas encore prêt et il devrait stopper la série avec la phase 5.

Phase 7



Phase 8

Phase 9

Arthur STAMMET,
professeur de chant

Fir eis Organisten:

Praktesch Hëllef beim liturgeschen Uergelspill

Dëst soll eng praktesch Hëllef si fir d'Organisten, wéi e Gottesdéngscht liturgesch op der Uergel ka begleed ginn. Wéi kann een déi eenzel Regëstere gebrauchen? Wéi kann ech ee Lidd vir- oder uspillen? Wat maachen, fir dass beim Volleksgesang d'Vollek duech d'Uergelspill invitéiert gëtt, fir matzesangen? Wéi kann ech d'Lächer, déi entstinn (z.B. wann d'Lidd eriwwer ass an den Zelebrant nach nët ganz fäerdeg ass mat senger liturgescher Handlung) opfëllen? Wéi kann ech ganz einfach d'Stëllt iwwerbrécken? Wou fannen ech Begleetmaterial oder ganz einfach Uergel-stécker fir de prakteschen Alldag?

Dës liturgesch Hëllef soll keen Uergelcours sinn an erhiewt och nët den Ursproch, dëst ze sinn, mä eng ganz praktesch Hëllef am Alldag vum Organist op senger Uergel. Duerfir soll dës Hëllef och op der Plaz stattfannen!

Avis aux amateurs!

Kontakt: joel.santer@cathol..lu

Année Sainte à Rome 2025

Save the Date: Rome 2025 Année Sainte

Pèlerinages diocésains proposés par LuxPélé en collaboration avec ULT.

- **21 au 27 avril 2025 :** Pèlerinage diocésain intercommunautaire
- **25 mai au 1 juin 2025 :** Pèlerinage diocésain
- **28 mai au 1 juin 2025 :** Pèlerinage diocésain
- **1 septembre au 6 septembre 2025 :** Pèlerinage diocésain
- **31 août au 6 septembre 2025 :** Pèlerinage diocésain

Rendez-vous sur le site catholu

Découvrez l'univers des voyages ULT sur notre site ult.lu

Les conditions générales de l'ULT sont valables.

Conseils et réservations dans votre agence de voyages :

we ♡ to travel
+352 28 32 6-334
weloveto.travel

emile weber
all about your journey
+352 28 32 6-300
emile-weber.lu

VOYAGES FLAMMANG
+352 99 77 99-1
flammang.lu

CFL evasion
AGENCE DE VOYAGE
+352 24 89 48 00
cflevasion.lu

Congé beim Piusverband
Eis Büroe bleiwen zou
vum 15.08 - 30.08 nach mat.

LUXEMBOURG - 1
Port payé
PS / 140